



## Pressecommuniqué

Izeg, de 5. Juni 2019

No dem Avis vun der Venedeg-Kommissioun (Europarot) vum 18. Mäerz 2019, an no de rezente Stëmmen an der Lëtzebuenger Press iwwer déi nei geplangte Constitutioun, profitéiert d'AL, fir hir Positioun zu dem Artikel 4(1) nach eng Kéier z'ënnersträichen:

- Article 4 : (1) La langue du Luxembourg est le luxembourgeois. La loi règle l'emploi des langues luxembourgeoise, française et allemande.  
(2) L'emblème national est le drapeau tricolore rouge, blanc, bleu.  
(3) La loi définit les armoiries de l'Etat.  
(4) L'hymne national est « Ons Heemecht ».*

Den Artikel 4 definéiert d'**Symboler vu Lëtzebuerg**, an de Punkt 4(1) d'Lëtzebuenger Sprooch als eist stäerksten nationaalt Symbol. De **Gebrauch vun de Sproochen** gëtt am Sproochegesetz vum 24. Februar 1984 definéiert.

D'Actioun Lëtzebuergesch steet hannert deenen 2 Schrëftsprooche vun eisen direkten Noperen, an dat als gläichberechtigt administrativ a juristesche Sproochen, wéi et viru 35 Joer ouni Géigestëmm an der Chamber festgehale ginn ass. Mir stäipen äis géint eng Reduzéierung vum **Däitschen** oder **Franséischen** hei am Land.

D'Formuléierung am Art. 4(1) gëtt eiser Sprooch dee Stellewäert, deen hir zousteet: Si ass d'Sprooch vum Land a vun alle Leit, déi hei wunnen, Lëtzebuenger an Net-Lëtzebuenger. Datt nieft dem Lëtzebuergesch an d'Däitsch an d'Franséisch, wéi och nach aner Sproochen hei am Land gebraucht ginn, ass absolut an der Rei. Esou spillt jo och d'Englesch eng ëmmer méi grouss Roll als Weltsprooch, an als déi éischt Friemsprooch vu villen Ausländer, déi heihinner wunne kommen.

Fir de Comité vun der AL,

Claude BACHE  
President

Patrick KAELL  
Sekretär